**Pressecommuniqué**

Lëtzebuerg, de 5. Oktober 2021

Regierung huet d'Zeeche vun der Zäit net erkannt

# Grouss Krise kënnen nëmme solidaresch gemeeschtert ginn.

*Wärend der Covid-Pandemie ass e Wuert immens vill benotzt ginn: Solidaritéit. A viller Hisiicht sinn déi vergaange Méint och eng Zäit gewiescht an där d'Leit erëm méi no beienee geréckelt sinn. Punktuell gouf des Entwécklung och politesch begleet an huet ville Leit och d'Gefill vermëttelt, dass d'gesellschaftlecht Zesummeliewen sech an eng méi solidaresch a kooperativ Richtung entwéckele kéint. Mee déi Hoffnung ass séier verpufft. Haut kucke mir an déif Grief an der Gesellschaft, déi sech nach méi séier opdi wéi viru Covid19. A mir stinn onvirbereet virun Ëmwelt- a Logementskrisen, déi mir nëmme mat grousser Solidaritéit meeschtere kënnen.*

D'Regierung huet d'Zeeche vun der Zäit net erkannt. Gouf et an der Pandemie e kuerzt Zäitfënster fir Léisungen, déi op gesellschaftlechen Zesummenhalt gesat hunn, sou huet awer ganz séier erëm de *business as usual* dominéiert. *D'Kris ass eriwwer* huet et du vu Regierungssäit geheescht an domat war och d'Solidaritéit passé.

Krisemesuren déi op en Ofbau vu Ongläichheete gesat hunn, sief et och nëmmen am Usaz, wéi de Gel vun de Loyeren an den Expulsiounen, d'gratis PCR-Tester fir all Mënsch oder d'Aussetze vu Fristen beim Chômage goufen ofgeschaaft, wärend Hëllefe fir Betriber ouni sozial Critèren oder d'Ënnerstëtzung vu privaten Investitiounen nach am Juli 2021 erëm verlängert goufen, an dat mat Verweis op d'Pandemie.

Mat dësen Decisioune riskéiert d'Regierung eng ëmmer méi grouss Spaltung an der Gesellschaft. D'Rekordwäerter beim Aarmutsrisiko an den Ongläichheeten, déi all Joer fir Lëtzebuerg gemooss ginn, schwätzen eng kloer Sprooch. Des dramatesch Entwécklung kënnt och net vun ongeféier, mee ass d'Resultat vun enger Regierungspolitik, déi vill ze staark op d'Responsabiliséierung vun all Eenzelem setzt an dobäi ënnerschléit, dass vill Leit des Verantwortung guer net kënnen iwwerhuelen. Doduerch entsti sozial Ongerechtegkeeten a Ressentimenter an et kënnt oft zu kontraproduktiven Effekter.

Den Accent op de privaten Investitiounen an de Logement an déi domat verbonne Steierpolitik huet d'Wunnengsnout an där mir haut sinn maassgeeblech mat geschaf. D'Subventiounspolitik fir Betriber a kaafkräfteg Stéit mécht Klimaschutz zu engem Privileeg fir eng Minoritéit. Mee d'Klimakris kënne mir net meeschteren, wann d'Majoritéit vun de Leit zu Lëtzebuerg a weltwäit ausgeschloss ass.

Mir kënnen och all keen glécklechen Auswee aus der Pandemie fannen, wann eenzel Leit an der Regierung an am Parlament decidéieren esou weiderzemaachen wéi virdrun. D'Prioritéit muss bei der Bekämpfung vun den Ongläichheeten leien. Zu Lëtzebuerg huet net jiddereen Zougang zu Gesondheetsservicer. Net jiddereen huet déi selwecht Viraussetzungen fir an der Schoul virunzekommen. Net jiddereen ka sech virum Klimawandel schützen. Net jiddereen huet eng Wunneng. Wa mer wëllen dass sech eppes ännert musse mer de System veränneren.

**Communiqué de Presse**

Luxembourg, le 05 octobre 2021

Le gouvernement n'a pas été attentif aux signes des temps.

## Nous ne pouvons maîtriser les grandes crises qu'en étant solidaires.

*Pendant la pandémie de la Covid le mot le plus souvent utilisé a été « solidarité ». Sous bien des égards, ces derniers mois ont marqué un temps durant lequel les gens se sont rapprochés les uns des autres. Ce développement a été accompagné par des interventions politiques qui ont par moments donné l'impression que la vie sociale puisse se diriger vers plus d'entraide et de solidarité. Malheureusement cet espoir s'est vite perdu. Aujourd'hui, nous faisons face à de grands fossés sociaux qui ne font que s'élargir davantage qu'auparavant. Nous sommes mal préparés face aux crises de l'environnement et du logement que nous ne pouvons maîtriser qu'en étant solidaires.*

Le gouvernement n'a pas été attentif aux signes des temps. Alors que la pandémie a ouvert une brèche laissant brièvement entrevoir des solutions axées sur la cohésion sociale, la routine a aussitôt repris le dessus. *La crise est terminée* selon les paroles proclamées par le gouvernement. Du coup, la solidarité elle-aussi fait désormais partie du passé.

Finies les mesures de crises pour la réduction des inégalités. Mêmes celles qui n'étaient que les premiers signes d'un changement ont été abandonnées, comme le gel des loyers et des expulsions, les tests PCR gratuits pour tou.s.tes, la suspension des délais pour le chômage. En même temps, en juin 2021, des aides sans contrepartie sociale ont été prolongées pour les entreprises, tout comme les mesures de soutien à l'initiative privée. Ici la pandémie tient lieu de justification.

En décidant ainsi, le gouvernement risque d'accélérer la fracturation de la société. Les taux de risque de pauvreté et les inégalités mesurés chaque année pour le Luxembourg, battent des records. Leur message est clair. Cette évolution dramatique ne sort pas de nulle part. Elle est le résultat d'une politique gouvernementale qui mise trop sur la responsabilité individuelle sans considérer que beaucoup de personnes n'ont même pas les moyens pour pouvoir assumer cette responsabilité. Inégalités sociales, ressentiments, beaucoup d'effets contre-productifs en sont les conséquences.

La crise du logement a été grandement instiguée par cette même politique qui met l'accent sur l'investissement privé dans l'immobilier associé à des mesures fiscales avantageuses. La politique qui subventionne les entreprises et les ménages aisés fait de la protection du climat un privilège pour une minorité. La crise climatique n'est pas maîtrisable tant qu'une majorité de personnes au Luxembourg et à travers le monde sont exclues.

Nous ne pouvons trouver une issue heureuse de cette pandémie, si des individus au gouvernement et au parlement décident de faire comme avant. La lutte contre les inégalités doit être la priorité. Au Luxembourg, l'accès à la santé n'est pas garanti pour tout le monde. Tout le monde n'a pas les mêmes dispositions pour réussir à l'école. Tout le monde ne peut pas se mettre à l'abri des conséquences du changement climatique. Tout le monde ne dispose pas d'un logement. Si nous voulons que ça change, il faut que nous changions le système.